



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5536 vum 21. Januar 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

Ad 1) an 2):

Den Rapport d' Enquête, deen an dësem Dossier geschriwwen gouf beriffst sech op eng Onmass vun internen Dokumenter, déi d' Police der IGP am Kader vun der Enquête zur Verfügung gestallt huet, 19 Leit goufen an deem Kader gehéiert. Den Rapport huet 89 Säiten an e puer honnert Säiten Annexen.

Eng anonymiséiert Versioun vum Rapport d' Enquête wier kaum lieserlech an eng nët anonymiséiert Versioun géif nët am Aklang zum Dateschutz stoen.

Et sierf ze vermierken datt d' IGP am Kader vun den administrativen Enquêtes weder dem Polizist nach dem Reklamant eng Kopie vum Rapport gëtt. Hinnen gëtt eng kuerzgefassten Äntwert zougestallt sou wéi et am Artikel 5 vum Gesetz vum 18ten Juli 2018 iwwert d'IGP firgesinn ass.

Op Grond vum Gesetz vum 14. September 2018 iwwert eng « administration transparente et ouverte », sinn d' Dokumenter vun der IGP ausgeschloss vum „droit d'accès“, deen all physesche oder moralesche Persoun huet op d' Dokumenter vun den Staatsverwaltungen oder Staatsservicer. Dat gouf den 16. August 2019 vun der commission d'accès aux documents (CAD) am hierem Avis n° 7/2019 esou festgehal.

An sengem Avis n°7/2019 schreiw d' CAD folgendes :

« Par ailleurs, le point 7 de l'article 1^{er} (2) de la loi exclut du droit d'accès les documents relatifs aux missions de contrôle, d'inspection et de régulation des organismes visés par la loi.

Le cas d'exclusion du point 7 vise des cas où l'administration exerce une mission de contrôle, d'inspection et de régulation confiée par la loi vers l'extérieur, càd portant sur d'autres entités.

Tel est le cas en l'espèce alors que l'IGP est l'instance de contrôle indépendante de la Police grand-ducale.

Les enquêtes administratives de l'IGP sont dès lors exclues du droit d'accès en application de l'article 1^{er} (2) points 3 et 7 de la loi modifiée du 14 septembre 2018. »

Ad 3):

Eng Anonymisatioun vun engem Geriichtsuerteel, dat eng Synthèse an eng juristesche Analyse vun den Argumenter vun 2 Parteien an engem Prozess duerstellt, ass net ze vergläichen mat der Anonymisatioun vun engem Rapport d' Enquête, deen sech, wei an dësem Fall, op eng komplex Analyse iwwert 89 Säiten vun enger Onmass vun Informatiounen bezitt, déi sech aus Dokumenter oder Auditatiounen erginn.

Am Kader vum Intérêt public an der Transparenz wäerten d'Konklusiounen vum Rapport um Site vun der IGP publizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX